



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/03/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Cultes weiderzeleeden.

De 27. Januar 2021 huet de Staat mam Consistoire israélite de Luxembourg en Accord ënnerschriwwen, dee sämtlech Froe beäntwere soll, déi sech nach am Kontext vun den net geléiste Problemer mat den Holocaust-Verméigenswäerter (« Outstanding Holocaust Asset Issues »), allgemeng, a mat der Spoliatioun vu jüddeschem Besëtz wärend der Shoah, am besonneschen, stellen.

Dëst Dokument, dat och nach vun der Weltorganisatioun fir jüddesch Entscheedung (« World Jewish Restitution Organization ») an der Lëtzebuergescher Stëftung fir d'Erënnerung un d'Shoah mat ënnerschriwwer gouf, geet vun enger kollektiver a globaler Indemnisiatioun aus, a gesäit fir, datt an Zukunft keng zousätzlech Entscheedungsfuerderungen an - uspréich méi ugemellt däerfe ginn.

Den Accord gesäit eng ganz Rei vu Moosname fir:

Déi Iwwerliewend, egal op se zu Lëtzebuerg oder am Ausland liewen, an och déi, déi deemools zu Lëtzebuerg gelieft hunn, sollen eng forfaitaire Hëllef vun enger Millioun Euro kréien. D'Stëftung fir d'Erënnerung un d'Shoah soll wärend 30 Joer all Joer 120.000 Euro kréien, eng Persoun soll fir d'Generalsekretariat zur Verfügung gestallt ginn, d'Statute sollen iwwerschaaft an ergänzt ginn, grad wéi och de Verwaltungsrot, deen zwee nei Membere kréie soll, vun deenen ee vum Staatsminister erausgesicht soll ginn. De Staat soll d'Klouschter vu Cinqfontaines kafen a renovéieren an doraus en edukativ-kommemorativen Zentrum maachen, woubäi och d'Exploitatiounskäschten iwwerholl solle ginn. De Komitee fir d'Erënnerung un den Zweete Weltkrich soll wärend 10 Joer, 65.000 Euro pro Joer kréien. Bis 2025 sollen zwou Milliounen Euro an d'Recherche iwwert den Zweete Weltkrich an d'Shoah fléissen. Schliisslech soll eng national Strategie géint den Antisemitismus an eiser Gesellschaft ausgeschafft ginn a verschidden Aarbechtsgruppe sollen sech mat Aspekter wéi rouend Bankkonten, onbezuelt Assurancen a beschlagnaamter Konscht beschäftegen.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Firwat huet de Staat fir d'Verhandlung an d'Ënnerzeechnung vun dësem Accord just de



www.piraten.lu

Consistoire israélite de Luxembourg zeréckbehal? Déi jüddesch Glaubensgemeinschaft ass jo dat eent, dat jüddescht Vollek dat anert.

2. Wéi ass de Consistoire un d'Mandat komm, fir dësen Accord aushandelen ze kënnen? Ass ni dru geduecht ginn, de Krees vun den interesséierten Uspriechpartner méi grouss ze maachen?
3. Gesäit d'Regierung net och d'Gefor, datt et eng ganz Rei vu jüddesche Biergerinnen a Bierger zu Lëtzebuerg an am Ausland, sech duerch dësen Accord weder vertraueden nach gebonne fillen?
4. Laut dem Accord solle jo verschidde méi kleng an och méi grouss Geldzomme fléissen, zum Beispill un déi Iwwerliewend vun der Shoah. Een Aspekt, deen ausgeklammert gouf, ass dee vum Patrimoine immobilier a mobilier deen deemools onrechtméisseg beschlagnaamt gouf. Mir denken hei un Haiser, Biller, Bijouen an aner Wäertsachen. Wat soll domat geschéien? Wat ass virgesinn, fir och an dësem Beräich zumindest ze versichen, eng gewësse Gerechtegkeet hierzestellen?
5. D'Stëftung fir d'Erënnerung un d'Shoah soll duerch eng järelech Dotatioun an och soss nach ënnert d'Äerm gegräff kréien. Et gëtt Stëmme déi soen, d'Gestioun vun dëser Stëftung wier net esou transparent, wéi se am Fong misst sinn. D'Statute solle jo ugepasst ginn, soll d'Weiderentwécklung och a Richtung méi Transparenz goen?
6. Ass de Fait, datt den Accord eng Erweiterung vum Verwaltungsrot virgesäit, a sech och schonn iwwert de Profil vun den nei Membere prononcéiert, kompatibel mam aktuelle Veräins- a Stëftungsrecht? Sinn net eleng de Verwaltungsrot an d'Generalversammlung vun der Stëftung fir dës Froen zoustänneg?
7. D'Fro vun de rouende Bankkonte konnt anscheinend méi wéi 75 Joer no dem Ënn vum Zweete Weltkrich nach ëmmer net zefriddestellend geléist ginn. D'Banke waarden op eng Léisung, mee déi misst Prinzipie wéi "Know Your Customer (KYC)", "Anti-Money Laundering (AML)" a "Counter Terrorist Financing (CTF)", gerecht ginn. Kéint een net eng Stëftung an d'Liewe ruffe fir hei Ofhëllef ze schafen?
8. Vill Proprietäre sinn net méi do, mee hier Kanner a Enkelkanner hunn och d'Recht, gehéiert ze ginn, egal op se Member oder net Member vum Consistoire sinn. Wat fir e Stellwäert hunn d'Ierwen am Kader vun dësem Accord?
9. Wéi gëtt séchergestallt, datt och déi Iwwerliewend am an aus dem Ausland un hiert Recht komme kënnen?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Député

